



Exklusiv : De ganzen Text vum Projet vun der neier Verfassung op Lëtzebuergesch Säite 4-16

Eine neue Verfassung für Luxemburg

Seite 2

Une nouvelle Constitution pour le Luxembourg

page 3

Eng nei Verfassung fir Lëtzebuerg

Op Initiativ vun de Regierungsparteien LSAP, DP an „déi Gréng“ gëtt de 7. Juni 2015 e Referendum zu dräi Froen ronderëm eis nei Verfassung ofgehalen.

Dës Froen, zu deenen de Wieler direkt konsultéiert gëtt, betreffen:

1) D'Erofsetze vum Mindestalter vun 18 Joer op 16 Joer beim aktive Wahlrecht. Dës Ausdehnung vum Wahlrecht berout op Fräiwëllegkeet, dat heescht, datt Jonker, déi tëschent 16 an 18 Joer al sinn, sech an d'Wielerlëschten androe kënnen, wa se dat wëllen.

2) D'Aféiere vun engem Awunnerwahlrecht (och do just fir wielen ze goen) fir déi auslännesch Matbierger, déi mindestens 10 Joer am Land

wunnen a scho virdrun zu Lëtzebuerg bei Gemengen- oder Europawahle gewielt hunn.

3) D'Begrenzung vun der Mandatsdauer vun de Regierungsmemberen op maximal 10 Joer hannerteneen.

Duerch e „Jo“ zu dëse Froen gëtt eis Demokratie nei beliebt. Mir setzen eis a fir e Lëtzebuerg vum Zesummeliewen, vun der Matbestëmmung an der Erneuerung.

Dës Reforme ginn net iwwer d'Käpp vun de Leit ewech decidéiert, mee direkt vum Wieler selwer.

Ganz breed wëlle mer déi nächst Méint iwwert eis nei Verfassung diskutéieren. En Entworf vun där geplangtener Constitutioun, eisem Grondgesetz, läit zënter dem Mäerz 2015 a franséischer



Versioun vir. En ass an där zoustänneger Chamberskommissioun ausgeschafft ginn.

D'LSAP huet eng lëtzebuergesch Versioun vum Originaltext ausgeschafft. Dësen Text, deen d'Debatt ronderëm dës grouss Verfassungsreform erliichtere soll, gëtt iwwert de Wee vun dësem Pluspunkt fir d'éischte Kéier verëffentlecht. Déi franséisch Versioun ass um Chambersite "www.referendum.lu" ze gesinn.

Wa schonn, wéi virgesinn, Lëtzebuergesch d'Sprooch vu Lëtzebuerg ass, soll eist wichtegst Gesetz och op Lëtzebuergesch disponibel sinn.

Diskutéiert mat iwwert déi nei Constitutioun, gitt Är Bemierkungen, Kritiken a Virschléi entweder op www.lsap.lu oder um offizielle Site www.referendum.lu eran.

Bedelegt Iech mat de Sozialisten un der Ausaarbechtung vum definitiven Entwurf vun eiser neier Verfassung!

De Referendum vum 7. Juni ass eng éischt wichteg Etapp an enger jorelaanger Prozedur, déi wuel eréischt am Joer 2017 mat der Ofstëmmung iwwert déi nei Verfassung an engem zweeten entscheidende Referendum ofgeschloss gëtt. Zesumme kënnen mer eng Constitutioun ausschaffen, déi eis Fräiheeten a Rechter ofséichert, d'Institutiounen stäerkt an eis Demokratie weiderentwéckelt.

Méi Demokratie fir Lëtzebuerg!

Eine neue Verfassung für Luxemburg

Auf Initiative der drei Regierungsparteien LSAP, DP und „d'ei Gréng“ wird am 7. Juni 2015 ein Referendum zu drei Fragen, die unsere neue Verfassung betreffen, abgehalten.

Diese Fragen, zu denen die Wähler direkt Stellung nehmen können, betreffen:

1) Das Herabsetzen des Mindestalters für das aktive Wahlrecht von 18 auf 16 Jahre. Diese Ausdehnung des Wahlrechts beruht auf Freiwilligkeit, das heißt, dass 16- bis 18-Jährige sich in die Wählerlisten eintragen können, wenn sie dies möchten.

2) Das Einführen eines Einwohnerwahlrechts (auch hier auf das aktive Wahlrecht, also das Recht zu wählen, begrenzt) für ausländische Mitbürger, die während mindestens 10 Jahren

hier im Land wohnen und sich bereits an vorigen Kommunal- oder Europawahlen in Luxemburg beteiligt haben.

3) Die Begrenzung der Mandatsdauer von Regierungsmitgliedern auf maximal 10 aufeinanderfolgende Jahre.

Mit einem „Ja“ zu diesen Fragen wird unsere Demokratie neu belebt. Wir setzen uns ein für ein Luxemburg des Zusammenlebens, der Mitbestimmung und der Erneuerung.

Diese Reformen werden nicht über die Köpfe der Bürger hinweg entschieden, sondern direkt vom Wähler selbst.

Wir wollen in diesem Sinne in den kommenden Monaten eine breitangelegte Diskussion über unsere neue Verfassung führen. Der Entwurf der geplanten Verfassung, unseres Grundgesetzes, liegt seit März 2015 in französischer Sprache vor. Er wurde vom zuständigen Ausschuss im Parlament ausgearbeitet.

Die LSAP hat eine luxemburgische Version des Originaltexts ausgearbeitet. Dieser Text, der die Diskussion über diese große Verfassungsreform erleichtern soll, wird mit diesem „Pluspunkt“ zum ersten Mal veröffentlicht. Die französische Fassung kann auf der Webseite www.referendum.lu der Abgeordnetenkommission eingesehen werden.

Da der Entwurf für unsere neue Verfassung festhält, dass Luxemburgisch die Sprache Luxemburgs ist, sollte unser wichtigstes Gesetz auch auf Luxemburgisch verfügbar sein.

Diskutieren Sie mit über die neue Verfassung, reichen Sie ihre Anmerkungen, Kritiken und Vorschläge auf unserer Homepage www.lsap.lu oder auf der offiziellen Webseite www.referendum.lu ein.

Beteiligen Sie sich zusammen mit den Sozialisten an der Ausarbeitung des definitiven Entwurfs für unsere neue Verfassung!

Das Referendum vom 7. Juni stellt eine erste, wichtige Etappe in einer langandauernden Prozedur dar, die voraussichtlich erst im Jahr 2017 mit der Abstimmung über die neue Verfassung und einem zweiten, entscheidenden Referendum, abgeschlossen wird.

Gemeinsam können wir eine Verfassung ausarbeiten, die unsere Freiheiten und Rechte absichert, die Institutionen des Landes stärkt und unsere Demokratie weiterentwickelt.

Mehr Demokratie für Luxemburg!



DLSAP Memberen - Franz Fayot, Cécile Hemmen - an de President vun der Chamberkommission vun den Institutionen an der Verfassungsreform, Alex Bodry.
(vu lénks no riets)

Une nouvelle Constitution pour le Luxembourg

A l'initiative des partis de la coalition LSAP, DP et « déi Gréng », un référendum portant sur trois questions en relation avec la nouvelle Constitution se tiendra le 7 juin 2015.

Les questions soumises à la consultation directe des électeurs concernent :

1) l'abaissement de l'âge d'ouverture du droit de vote actif de 18 à 16 ans. Cette extension du droit de vote se fera sur une base volontaire, ce qui signifie que les 16-18 ans pourront s'inscrire comme électeurs s'ils le souhaitent.

2) l'introduction d'un droit de vote actif (donc du seul droit de participer comme électeurs) pour les résidents non-luxembourgeois qui résident pendant au moins 10 ans au Luxembourg et qui ont déjà participé préalablement aux élections communales ou européennes au Luxembourg.

3) la limitation du mandat des membres du Gouvernement à 10 années consécutives.

En répondant « Oui » à ces questions du référendum notre démocratie sera revigorée. Nous nous engageons pour le vivre-ensemble, la participation et le renouveau au Luxembourg.

Ces réformes ne seront pas décidées par-dessus la tête des citoyens, mais directement par les électeurs.

Dans les mois à venir nous voulons discuter très largement de la nouvelle Constitution.

Le projet d'une nouvelle Constitution, élaboré par la commission parlementaire compétente, est disponible en français depuis le mois de mars 2015.

Afin de faciliter le débat, le LSAP propose une version luxembourgeoise du texte que vous trouverez dans cette édition du « Pluspunkt ». La version française est disponible sur le site de la Chambre des députés www.referendum.lu.

Comme ce nouveau texte prévoit que la langue du Luxembourg est le luxembourgeois, nous estimons que notre Loi fondamentale devrait dès lors être disponible aussi en luxembourgeois.

Participez à la discussion, partagez vos commentaires, critiques ou propositions sur notre site web www.lsap.lu ou sur le site officiel www.referendum.lu.

Participez avec les socialistes à l'élaboration du projet de texte définitif de notre nouvelle Constitution !

Le référendum du 7 juin est une première étape importante d'une procédure de longue date et qui aboutira prévisiblement en 2017 avec le vote par la Chambre des députés et le 2^e référendum décisif sur le texte intégral de la nouvelle Constitution.

Ensemble nous pouvons élaborer une Constitution qui garantit nos droits et libertés, qui renforce nos institutions et qui fait avancer notre démocratie.

Plus de démocratie pour le Luxembourg !

D'Ännerungen, déi d'Kommissioun vun den Institutiounen an der Verfassungsrevisioun am Text vun der Revisiounspropositioun 6030 proposéiert, ginn nach vum Staatsrot aviséiert, sou datt dëse koordinéierten Text op kee Fall en definitiven Text ass.

D'Bestëmmungen iwwer den leweschte Gerichtshaff an den Nationale Justizrot goufen op Basis vum Gesetzesvorentwurf iwwer d'Organisatioun vum Nationale Justizrot a vum Gesetzesvorentwurf iwwer d'Organisatioun vum leweschte Gerichtshaff verfaasst. Si kënnen nach op Grond vun de Gesetzesprojeten, déi vum Justizminister deposéiert ginn, geännert ginn.

KOORDINÉIERTEN TEXT PROPOSÉIERT VUN DER KOMMISSIOUN VUN DEN INSTITUTIONEN AN DER VERFASSUNGSREVISIOUN

(Stand: Mäerz 2015)

REVISIUNSPROPOSITIOUN

Iwwer d' Aféierung vun enger neier Verfassung

KAPITEL 1.

Iwwer de Staat, säin Territoire a seng Awunner

SEKTION 1.

Iwwer de Staat, seng politesch Form an d'Souveränitéit

Art. 1. Lëtzebuerg ass en demokrateschen, fräien, onofhängegen an ondeelbare Staat.

Art. 2. Lëtzebuerg steet ënnert dem Regime vun der parlamentarescher Demokratie. D'Land huet d'Form vun enger konstitutioneller Monarchie.

Lëtzebuerg ass op de Prinzipie vum Rechtsstaat a vum Respekt vun de Mënscherechter opgebaut.

Et dréit den Numm „Groussherzogtum Lëtzebuerg“.

Art. 3. D'Souveränitéit läit an der Natioun, vun där dem Staat seng Pouvoiren ausginn.

Art. 4. (1) D'Sprooch vu Lëtzebuerg ass Lëtzebuergesch. D'Gesetz regelt d'Verwendung vun der lëtzebuergescher, der franséischer an der däitscher Sprooch.

(2) Den nationalen Emblème ass den dräifaarwege rout-wäiss-bloe Fändel.

(3) D'Gesetz definéiert dem Staat säi Wopen.

(4) D'Nationalhymn ass „Ons Heemecht“.

Art. 5. D'Groussherzogtum Lëtzebuerg hëlt un der europäescher Integratioun deel.

D'Ausübe vu staatleche Pouvoire kann duerch e Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gouf, un d'europäesch Unioun an un international Institutiounen iwwerdreie ginn.

SEKTION 2.

Iwwer den Territoire

Art. 6. All Ofrieden, all Tausch an all Bäifüge vun Territoire muss duerch e Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gouf, entscheet ginn.

Art. 7. D'Limiten an d'Hauptuertschafte vun de Kantonen, de Gemengen an de Geriichtsarrondissementen gi vum Gesetz festgeluecht.

Art. 8. D'Stad Lëtzebuerg ass d'Hauptstad vum Groussherzogtum Lëtzebuerg an de Sëtz vun de konstitutionellen Institutiounen.

SEKTION 3. Iwwer d'Nationalitéit an d'politesch Rechter

Art. 9. D'Gesetz leet fest, wéi een d'lëtzebuergesch Nationalitéit kritt, behält a verléiert.

Art. 10. D'Lëtzebuenger genéisst sämtlech politesch Rechter, déi si an de Konditiounen, déi vun der Verfassung an de Gesetzer festgeluecht sinn, ausüben.

D'Gesetz organiséiert d'Ausübe vun de politesche Rechter duerch d'Bierger vun der europäescher Unioun.

D'Gesetz kann d'Ausübe vu politesche Rechter Persounen accordéieren, déi net Bierger vun der europäescher Unioun sinn.

Art. 11. D'Gesetz regelt den Zougang zu den öffentliche Ämter. Et kann de Lëtzebuenger Aarbechtsplazen am öffentliche Secteur virbehalen, déi eng direkt oder indirekt Participatioun um Ausübe vun der Staatsgewalt an un de Funktiounen mat sech bréngen, déi de Schutz vun den allgemengen Interessie vum Staat als Zil hunn.

KAPITEL 2.

Iwwer d'Rechter an d'Fräiheeten

SEKTION 1. Iwwer d'Grondrechter

Art. 12. D'Dignitéit vum Mënsch ass onverletzlech.

Art. 13. (1) Jiddereen huet d'Recht op seng kierperlech a geeschteg Integritéit.

(2) Et dierf keen der Tortur oder onmënschlechen an erniddregende Strofen oder Behandlungen ausgesat ginn.

D'Doudesstrof kann net agefouert ginn.

Art. 14. Jiddereen huet d'Recht op Meenungsfräiheet, Gewëssensfräiheet a Reliounsfräiheet.

Art. 15. Jiddereen huet d'Recht op de Respekt vu sengem Privatliewen.

SEKTION 2. Iwwer d'Fräiheetsrechter

Art. 16. (1) D'Lëtzebuenger si gläich virum Gesetz.

D'Gesetz kann eng ënnerschiddlech Behandlung virgesinn, déi aus enger objektiver Ongläichheet ervirgeet a rationell gerechtfäerdeg, adequat a proportional zu hirem Zil ass.

(2) Et dierf kee wéinst senger Situatioun oder senge perséinlechen Ëmstänn diskriminéiert ginn.

(3) Fraen a Männer hunn déi selwecht Rechter a Flichten.

De Staat setzt sech aktiv fir d'Eliminatioun vun den Hindernisser

an, déi am Beräich vun der Gläichheet tëschent Fraen a Männer existéiere kënnen.

Art. 17. All Ausländer, dee sech um Territoire befënnen, genéisst de Schutz, deen de Persounen an de Gidder accordéiert gëtt, ënner Virbehalt vun de Restriktiounen, déi d'Gesetz virgesäit.

Art. 18. (1) D'perséinlech Fräiheet ass garantéiert.

(2) Eng Persoun dierf nëmmen an de Fäll, déi d'Gesetz virgesäit, an an de Formen, déi et festleet, verfollegt, festgeholl oder hirer Fräiheet entzu ginn.

(3) Ausser wann een op frëscher Dot ertappt gëtt, dierf een nëmmen op Grond vun enger begrënnter riichterlecher Entscheedung festgeholl ginn, déi bei der Festnahm oder spëitstens véieranzwanzeg Stonnen dono matgedeelt gëtt.

Jidderee muss direkt iwwer d'Grënn vu senger Festnahm oder senger Fräiheetsstrof, iwwer d'Uschëllegung géint hien an iwwer d'gesetzlech Recoursen, déi hien huet fir seng Fräiheet zeréckzekeréien, informéiert ginn.

Art. 19. Jiddereen huet d'Recht, datt säi Fall virum dem Geriicht, dat d'Gesetz virgesäit, gehéiert gëtt.

Art. 20. Strofe kënnen nëmmen op Grond vum Gesetz festgesat an applizéiert ginn.

Et dierf kee fir eng Dot oder eng Ënnerloossung veruerteelt ginn, déi dee Moment kee Verstouss war, dee vum Gesetz virgesi war.

Et dierf keen zu méi enger strenger Strof veruerteelt ginn, wéi déi, déi de Moment vum Gesetzesverstouss applicabel war.

Art. 21. D'Wunneng ass onverletzlech. En Duerchsiche vun der Wunneng kann nëmmen an de Fäll, déi vum Gesetz virgesi sinn, an an de Formen, déi et virschreift, duerchgefouert ginn.

Art. 22. En Eed kann nëmmen op Grond vum Gesetz imposéiert ginn, dat seng Formel festleet.

Art. 23. D'Fräiheet fir seng Meenungen auszedecklen an d'Pressefräiheet si garantéiert, ënner Virbehalt vun der Bestrofung vun de Verstéiss am Kader vum Ausübe vun dese Fräiheeten.

Et dierf keng Zensur agefouert ginn.

Art. 24. D'Fräiheet fir seng philosophesch oder reliéis Iwwerzeegungen auszedecklen an d'Fräiheet, fir enger Relioun bäizetrieden oder net bäizetriede si garantéiert.

Kee ka gezwonge gi fir op iergend eng Aart a Weis un den Handlungen an Zeremonië vun enger Relioun deelzehuelen oder hir Festdeeg anzehalen.

D'Reliounsfräiheet an hier Ausübe si garantéiert, ënner Virbehalt vun der Bestrofung vun de Verstéiss am Kader vum Ausübe vun dese Fräiheeten.

Art. 25. Jiddereen huet d'Recht op friddlech Versammlungsfräiheet, déi d'Gesetz respektéiert. Nëmme Versammlungen dobaussen, op enger Plaz, déi dem Public zougänglech ass, kënnen enger Genehmigungsflucht ënnerstallt ginn.

Art. 26. D'Vereenegungsfräiheet ass garantéiert. Hier Ausübe gëtt vum Gesetz geregelt, dat se net dierf enger Genehmigungsflucht ënnerstellen.

Art. 27. D'politesch Parteien droen zu der Formatioun vum Wëlle vum Vollek an zum Ausdrock vum allgemenge Wahlrecht bäi. Si drécken den demokratesche Pluralismus aus.

Art. 28. D'Gewerkschaftsrechter si garantéiert.

D'Gesetz organiséiert d'Ausübe vum Streikrecht.

Art. 29. Jiddereen ka Petitiounen, déi vun enger oder méi Persounen ënnerschriwwen goufen, un d'effentlech Autoritéiten adresséieren.

D'effentlech Autoritéite mussen bannent engem vernünfftigen Delai op d'schrëfflech Ufroen vun de Bierger äntweren.

Art. 30. Jiddereen huet d'Recht op d'Onverletzlechkeet vu senger Kommunikatiounen.

Dëst Recht dierf net ageschränkt ginn, ausser an de Fäll, déi vum Gesetz virgesi sinn an ënner de Konditiounen a mat de Kontrollen déi et festleet.

Art. 31. Op Grond vum Prinzip vun der Selbstbestëmmung wat d'Informatiounen ugeet, huet jiddereen d'Recht op de Schutz vu

senger perséinlechen Daten. Dës Daten dierfen nëmmen zu den Zwecker an an de Konditiounen, déi vum Gesetz festgeluecht sinn, traitéiert ginn.

Art. 32. D'Asylrecht ass garantéiert ënner de Konditiounen, déi d'Gesetz virgesäit.

Art. 33. (1) Jiddereen huet d'Recht op Educatioun.

(2) De Staat organiséiert den Unterrecht a garantéiert den Zougang dozou.

D'Dauer vum obligatoreschen Unterrecht gëtt vum Gesetz festgeluecht.

Den effentlechen Unterrecht an der Primärschoul an am Secondaire ass gratis.

(3) D'Unterrechtsfräiheet gëtt am Respekt vun de Wäerter vun enger demokratescher Gesellschaft ausgeübt, déi op de Grondrechter an de Fräiheetsrechter opgebaut ass.

D'staatlech Interventioun am Privatunterrecht gëtt vum Gesetz geregelt.

(4) Jiddereen ass fräi fir seng Studien zu Lëtzebuerg oder am Ausland ze maachen, ënner Virbehalt vun de gesetzleche Konditiounen an der Unerkennung vun den Diplomer an de Konditiounen, déi d'Gesetz festleet.

Art. 34. D'Prinzipie vun der Sozialversécherung, dem Gesundheitsschutz an de Rechter vun de Leit, déi schaffen gi vum Gesetz geregelt.

Art. 35. D'Handels- an Industriefräiheet an d'Fräiheet fir eng landwirtschaftlech Aktivitéit oder e früe Beruff auszeüben si garantéiert, ënner Virbehalt vun de Restriktiounen, déi d'Gesetz festleet.

Art. 36. Enger Persoun hire Besëtz kann nëmme wéinst effentlechem Notzen a géint eng gerecht Indemnitioun, an de Fäll an op d'Aart a Weis, déi vum Gesetz festgeluecht sinn, konfiskéiert ginn.

SEKTIOUN 3.

Räichwäit vun de Grondrechter, de Fräiheetsrechter an de Rechter vun de Rechtssubjete

Art. 37. All Restriktioun vum Ausübe vun de Grondrechter, de Fräiheetsrechter an de Rechter vun de Rechtssubjete, wéi se vun der Verfassung virgesinn ass, muss hire fundamentalen Inhalt respektéieren. Am Respekt vum Prinzip vun der Proportionalitéit, si Restriktiounen nëmme méiglech, wa si an enger demokratescher Gesellschaft néideg sinn an effektiv den allgemengen Interessi oder de Schutz vun aneren hire Rechter a Fräiheeten zum Zil hunn.

SEKTION 4. Iwwer d'Staatsziler mat konstitutionellem Wäert

Art. 38. De Staat waacht iwwer d'Recht vu jidderengem fir eng Famill ze grënnen an iwwer de Respekt vum Familljeliewen.

Hien handelt am iwwergeuerdneten Interessi vum Kand.

Art. 39. De Staat garantéiert d'Recht op Aarbecht a suergt dofir, datt dëst Recht kann ausgeübt ginn.

Art. 40. De Staat suergt dofir, datt Persoune mat engem Handicap op déi selwecht Aart a Weis an de Genoss vun alle Rechter kommen.

Art. 41. De Staat suergt dofir, datt jidderee mënschewierdeg ka liewen an eng gëeegent Wunneng huet.

Art. 42. De Staat garantéiert de Schutz vun der mënschlecher a vun der natierlecher Ëmwelt, andeems e sech fir en dauerhaft Gläichgewicht tëschent dem Erhale vun der Natur, a virun allem hirer Kapazitéit fir sech ze erneieren, an de Besoine vun dësen an den nächste Generatiounen aasetzt.

Hie férdert de Schutz an d'Wuelbefanne vun den Déieren.

KAPITEL 3.

Iwwer de Groussherzog

SEKTION 1. Iwwer d'Funktioon vum Staatschef.

Art. 43. De Groussherzog ass de Staatschef.

Hie vertritt de Staat. Hien ass d'Symbol vun der nationaler Eenheet an Onofhängegkeet.

Seng Persoun ass onverletzlech.

Art. 44. De Staatschef huet nëmmen déi Kompetenzen, déi d'Verfassung an d'Gesetzter him iwwerdroen.

Hien üübt zesumme mat der Regierung d'Exekutivgewalt aus.

Art. 45. Dem Staatschef seng Verfügunge mussen vum engem Member vun der Regierung, deen d'Verantwortung dofir iwwerhëlt, mat ënnerschriwwen ginn.

Art. 46. De Staatschef schléisst d'Traitéen of an annulléiert se.

D'Traitéen an - ausser wann den Traité eng spezifesch Klausel dozou enthält - hir Annulatioun sinn eréischt rechtskräffeg nodeems si vum engem Gesetz uegeholl goufen; Traitéen, déi uegeholl goufen, ginn an de Formen, déi fir d'Publikatioun vun de Gesetzter virgesi sinn, publizéiert.

Art. 47. (1) De Staatschef hëlt d'Reglementer an d'Arrêtéen un, déi fir d'Vollstreckung vun de Gesetzter an den Traitéen néideg sinn, ënner Virbehalt vun de Beräicher, déi d'Verfassung dem Gesetz virbehält.

Am Ausübe vun dëser Kompetenz kann hien, an de Fäll déi hie festleest, een oder méi Membere vun der Regierung beoptragen, fir Vollstreckungsmoosnamen ze huelen.

(2) An de Beräicher, déi d'Verfassung dem Gesetz virbehält, kann hie Reglementer an Arrêtéen nëmmen zu den Zwecker an an de Konditiounen, déi d'Gesetz festleest, unhuelen.

(3) Hien hëlt d'Reglementer un, déi néideg si fir d'juristesche Akte vun der europäescher Unioun ze applizéieren.

An de Beräicher, déi d'Verfassung dem Gesetz virbehält, ginn d'Limitten an d'Konditiounen, an deenen dës Reglementer kënnen uegeholl ginn, vum Gesetz festgeluecht. An de Konditiounen, déi d'Gesetz festleest, kënnen dës Reglementer Ausnamen zu de besteende Gesetzesbestëmmunge virgesinn oder dës ersetzen.

(4) Am Fall vun enger internationaler Kris oder vu reelle Menacé fir d'vital Interessi oder d'fundamental Besoine vum ganzen oder engem Deel vum Land oder der ganzer oder engem Deel vun der Populatioun, kann de Staatschef an alle Beräicher d'reglementaresch Moosnamen huelen, déi ubruecht sinn, och Moosnamen, déi eng Ofwäichung vun de besteende Gesetzter duerstellen, nodeems hien den Eescht an d'Drénglechkeet vun der Situatioun festgestallt huet.

D'Gültgkeet vun dësen Reglementer ass op dräi Méint beschränkt.

Art. 48. De Staatschef huet d'Recht fir d'Strofen, déi vun de Gerichter geschriwwen goufen, an de Konditiounen, déi d'Gesetz festleest, opzehiewen oder erofzesetzen.

Art. 49. De Staatschef iwwergëtt d'zivil a militäresch Uerden. Hie muss d'gesetzlech Bestëmmungen dozou anhalen.

Art. 50. De Staatschef, de fréiere Staatschef, den Ierfgroussherzog, de Regent an de Lieutenant-Representant kréien eng järelech Dotatioun aus dem Staatsbudget. D'Elementer an de Montant dovunner gi vum Gesetz festgeluecht.

De Staatschef definéiert an organiséiert seng Verwaltung, déi d'Rechtsperséinlechkeet huet, an zitt dobäi den öffentlichen Interessi a Betruecht.

Art. 51. De Groussherzogleche Palais zu Lëtzebuerg an d'Schlass Bierg sinn dem Staatschef virbehalen.

Art. 52. Wann de Staatschef seng konstitutionell Kompetenzen net erfëllt, entscheet d'Chamber, op Ufro vun der Regierung an nodeems d'Meenung vum Staatsrot gehéiert gouf, mat der qualifizierter Majoritéit, datt muss consideréiert ginn, datt de Groussherzog ofgedankt huet.

SEKTION 2.

Iwwer d'konstitutionell Monarchie

Art. 53. (1) D'Funktioon vum Staatschef gëtt un d'direkt Nokomme vu senger Kinneklecher Altesse Adolphe, Groussherzog vu Lëtzebuerg, Herzog vun Nassau, an der Reiefolleg vun der Éischtgebuerter a Verriedung, verierft. Nëmme Kanner, déi an engem Bestietnis gebuer goufen, kënnen d'Nofolleg untrieden.

(2) D'Persoun, déi zur Nofolleg berechtigt ass, kann dorop verzichten. Dëse Verzicht huet d'Form vun engem schrëfflechen Akt, deen net ka widderruff ginn an deem seng Konsequenzen nëmmen den Auteur betreffen.

Wann aussergewéinlech Ëmstänn dat verlaangen, kann d'Chamber eng oder méi Persounen duerch e Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, vun der Trounfolleg ausschléissen.

(3) Dem Groussherzog seng Ofdankung muss d'Form vun engem schrëfflechen Akt hunn, deen net ka widderruff ginn.

Art. 54. Wann et keen Nofolger gëtt, versammelt sech d'Chamber spéitstens drësseg Deeg nom Doud oder der Ofdankung vum Groussherzog fir en neie Staatschef ze designéieren. D'Entscheidung gëtt mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl.

Art. 55. (1) De Groussherzog fungéiert als Staatschef vun deem Moment un, wou hie virun der Chamber de folgenden Eed ofgeleet:

„Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetzer ze respektéieren a meng konstitutionell Kompetenzen trei ze erfëllen.“

(2) Den Eed gëtt spéitstens den zéngten Dag nom Doud oder der Ofdankung vum Groussherzog ofgeluecht.

(3) De Refus fir den Eed ofzeleeë bedeit de Verzicht op d'Funktioon vum Staatschef.

Art. 56. Wa beim Groussherzog sengem Doud oder um Datum vu senger Ofdankung, säin Nofolger mannjäreg ass, versammelt sech d'Chamber bannent zéng Deeg fir d'Regence ze regelen.

Wann et zäitweilig fir de Groussherzog onméiglech ass fir seng konstitutionell Kompetenzen ze erfëllen oder den Eed ofzeleeën, deen den Artikel 55 virgesäit, informéiert d'Regierung d'Chamber, déi sech bannent zéng Deeg versammelt, fir dës Onméiglechkeet feststellen an d'Regence ze regelen.

D'Regence kann nëmmen enger eenzeler Persoun uvertraut ginn, déi muss groussjäreg sinn an zu de Persounen gehéieren, déi am Artikel 53, Ofsaz 1, genannt sinn.

De Regent iwwerhëlt seng Funktioon eréischt nodeems hie virun der Chamber de folgenden Eed ofgeluecht huet: *„Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetzer ze respektéieren a meng konstitutionell Kompetenzen trei ze erfëllen.“*

Art. 57. Vum Groussherzog sengem Doud, senger Ofdankung oder der Feststellung, datt et him net méiglech ass, seng konstitutionell Kompetenzen ze erfëllen, bis datt säin Nofolger den Eed ofleet, gëtt d'Funktioon vum Staatschef vun der Regierung ausgeübt. Dat ass och de Fall, wann de Regent stierft oder demissionéiert.

Art. 58. De Groussherzog ka sech vun enger Persoun verriede loossen, déi d'Konditioune vum Artikel 53, Ofsaz 1, erfëllt an déi den Titel Lieutenant-Representant vum Groussherzog dréit.

Dem Groussherzog säi Lieutenant-Representant iwwerhëlt seng Funktioon eréischt nodeems hie virun der Chamber de folgenden Eed ofgeluecht huet: *„Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetzer ze respektéieren a meng Funktioon trei ze erfëllen.“*

Art. 59. De Groussherzog huet d'Recht, fir Adelstitelen un d'Membere vun der groussherzoglecher Famill ze verginn, ouni dës awer jeemools mat mat Privileger verbannen ze dierfen.

KAPITEL 4.

Iwwer d'Chamber

SEKTIOUN 1.

Iwwer d'Verriedung vun der Natioun

Art. 60. D'Chamber vertritt d'Natioun. Si übt d'gesetzgeberesch Gewalt aus.

D'Deputéiert stëmmen of ouni hir Optraggeber ze consultéieren an dierfen nëmmen d'Allgemengwuel a Betruecht zéien.

Art. 61. (1) D'Chamber besteet aus 60 Deputéierten.

(2) D'Deputéiert gi fir fënnef Joer gewielt.

(3) D'Wahl ass direkt. D'Deputéiert ginn op Grond vum allgemenge Wahlrecht, duerch Geheimwahl, op Lëschten, no de Regele vun der proportionaler Verriedung an nom Prinzip vum klengste Wahlquotient, gewielt.

(4) D'Land ass a véier Wahlbezierker ënnerdeelt:

- de Süde mat de Kantonen Esch-Uelzecht a Capellen;
- den Zentrum mat de Kantone Lëtzebuerg a Miersch;
- den Norde mat de Kantonen Dikrech, Réiden, Wolz, Klierf a Veianen;
- den Oste mat de Kantone Gréiwemaacher, Réimech an lechternach.

E Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, leet d'Zuel vun den Deputéierte fest, déi an all Bezierk gewielt ginn.

Art. 62. (1) Fir wielen ze kënnen, muss ee Lëtzebuurger sinn an uechzég Joer al sinn.

(2) Fir kënnen gewielt ze ginn, muss een ausserdeem säi Wunnsëtz am Groussherzogtum Lëtzebuerg hunn.

(3) An de Fäll, déi d'Gesetz virgesäit, kënnen d'Gerichter d'Verbuet vum aktiven a vum passiven Wahlrecht sprächen.

Art. 63. D'Mandat vum Deputéierten ass onvereinbar mat de Funktiounen als Regierungsmember, Member vum Europaparlament a Member vum Staatsrot.

Déi selwecht Onvereinbarkeet gëllt fir Ämter a Funktiounen am öffentleche Secteur, déi vun engem Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, festgeluecht ginn. Si kann op aner politesch Mandater ausgebreit ginn, déi vun engem Gesetz, dat mat der qualifizierter Majoritéit ugeholl gëtt, festgeluecht ginn.

Art. 64. (1) Den Deputéierten, dee vun der Regierung op e bezuelte Posten ernannt gëtt, deen hien akzeptéiert, verléiert direkt

säi Sëtz a ka seng Funktioun nëmmen op Grond vun neie Wahlen nees iwwerhuelen.

(2) Den Deputéierten, deen als Regierungsmember ernannt gëtt, verléiert säi Mandat als Deputéierten. Hie gëtt nees op der Lëscht, op där hie gewielt gouf, als Stellverrieder an der Reiefolleg vun de Stëmmen, déi hie kritt huet, ageschriwwen.

Dat selwecht gëllt fir de stellverriedenden Deputéierten deen, wann hien als Regierungsmember ernannt gëtt, op säi Mandat als Deputéierte verzicht, dat him an dëser Funktioun zougesprach gouf.

Wann et méi berechtigt Persounen gëtt, gi si nees an der Reiefolleg vun de Stëmmen, déi si bei de Wahle kritt hunn, ageschriwwen.

(3) D'Persounen, déi vun enger Incompatibilitéit betraff sinn, kënnen fëschent dem Mandat als Deputéierten an dem Amt oder der Aktivitéit wielen.

SEKTIOUN 2.

Iwwer d'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Chamber

Art. 65. (1) Spéitstens den drëssegsten Dag no de Wahlen, versammelt sech d'Chamber an enger öffentlecher Sëtzung fir d'Pouvoir vum hire Memberen ze kontrolléieren an iwwer d'Contestatiounen dozou ze entscheeden. Si ass och zoustänneg fir festzestellen, dat ee vun hire Memberen de Statut vum Deputéierte verluer huet.

E Recours géint dës Entscheedungen, déi de Statut als gewielte Volleksverrieder betreffen, ka virum Verwaltungsgericht agereecht ginn. D'Modalitéite vun dësem Recours gi vum Gesetz geregelt.

(2) Wa si hir Funktioun untrieden, leeën d'Deputéiert an enger öffentlecher Sëtzung de folgenden Eed of:

„Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetz ze respektéieren a meng Funktioun mat Integritéit, Exaktheit an Onparteilechkeet ze erfëllen.“

(3) Der Chamber hir Funktiounen kommen op en Enn wann déi nei gewielten Deputéiert vereedegt ginn.

Art. 66. D'Chamber leet an hirem Reglement hir Organisatioun an d'Aart a Weis, an där si hir Kompetenzen ausübt, fest, mat Ausnam vun de Beräicher, déi d'Verfassung dem Gesetz virbehält. Der Chamber hiert Reglement leet d'Ausféierungsbestëmmungen vun de Gesetzer, déi hir Organisatioun betreffen, fest.

Art. 67. D'Chamber ernennt hire President an hir Vizepresidenten a stellt hire Büro zesammen.

Art. 68. Der Chamber hir Sëtzunge sinn ëffentlech, mat den Ausnamen, déi hiert Reglement virgesäit.

Art. 69. D'Chamber kann nëmme Resolutiounen unhuelen, wann d'Majoritéit vun den Deputéierte versammelt ass.

All Resolutiounen gi mat der Majoritéit vun de Stëmme ugeholl. D'Enthaltung ginn net fir d'Berechnung vun der Majoritéit a Betruecht gezunn. D'Ofstëmmung per Vollmacht ass erlaabt. Keen Deputéierten dierf méi wéi eng Vollmacht kréien.

D'Resolutiounen, fir déi d'Verfassung d'qualifizéiert Majoritéit verlaangt, mussen mat mindestens zwee Drëttel vun de Stëmme vun den Deputéierten ugeholl ginn. D'Ofstëmmung per Vollmacht ass an dësem Fall net erlaabt.

D'Reglement leeft d'Majoritéitsregele fest fir d'Ernennung vu Persounen op Mandater oder Funktiounen, fir déi d'Chamber zoustänneg ass.

Art. 70. D'Chamber versammelt sech an enger ëffentlecher Sëtzung opgrond vun enger begrënnter Demande vun der Regierung oder vun engem Drëttel vun den Deputéierten.

Art. 71. De Staatschef kann nëmme virgezunne Wahle festleeën, wann d'Chamber, mat der absoluter Majoritéit vun hire Memberen, entweder der Regierung e Vertrauensvoté refuséiert oder e Mësstrauensvoté vis-à-vis vun der Regierung unhëlt. Wann d'Regierung demissionéiert, leeft de Staatschef virgezunne Wahle fest, nodeems hien den Accord vun der Chamber mat der absoluter Majoritéit vun hire Membere kritt huet.

D'Neiwahle gi spéitstens bannent dräi Méint ofgehalen.

Et kënnen keng virgezunne Wahle manner wéi ee Joer no Wahlen ofgehalé ginn.

Art. 72. D'Regierungsmemberen hunn Zougang zu der Chamber a mussen gehéiert ginn, wa si dat verlaangen. D'Chamber kann hir Präsenz verlaangen.

SEKTIOUN 3.

Iwwer d'Unhuele vun de Gesetzer

Art. 73. D'Regierung adresséiert Gesetzesprojeten un d'Chamber.

All Deputéierten huet d'Recht, fir der Chamber Gesetzespropositiounen ze ënnerbreeden.

Art. 74. D'Wieler kënnen d'Initiative ergräifen, fir der Chamber eng begrënn't Propositioun fir ze legiferéieren ze ënnerbreeden.

D'Gesetz leeft d'Konditiounen an d'Prozedure vun dëser Biergerinitiativ fest.

Art. 75. (1) D'Gesetzer gi vun der Chamber ugeholl.

(2) D'Chamber kann d'Gesetzesprojeten an d'Gesetzespropositiounen änneren.

(3) D'Chamber stëmmt iwwer d'komplett Gesetz of. Et gëtt ëmmer mam Numm ofgestëmmt.

Wa mindestens fënnf Deputéiert dat verlaangen, ka virun der Ofstëmmung iwwer d'komplett Gesetz eng Ofstëmmung iwwer een oder méi Artikelen vum Gesetz gemach ginn.

(4) Iwwer all Gesetz gëtt eng zweete Kéier ofgestëmmt, ausser wann d'Chamber, mam Accord vum Staatsrot, an enger ëffentlecher Sëtzung de Contraire entscheet. Et gëtt en Intervalle vu mindestens dräi Méint tëschent den zwou Ofstëmmungen.

(5) Bannent dräi Méint nodeems et ugeholl gouf, gëtt d'Gesetz vum Staatschef promulguéiert a verëffentlecht.

SEKTIOUN 4.

Iwwer der Chamber hir aner Kompetenzen

Art. 76. D'Chamber kann decidéieren, e Referendum an de Fäll, ënner de Konditiounen a mat de Konsequenzen, déi d'Gesetz festleet, duerchzeféieren.

Art. 77. D'Chamber huet d'Recht, fir Enquëten duerchzeféieren. D'Gesetz regelt d'Ausübe vun dësem Recht.

Eng Enquëtëkommissioun muss agesat ginn, wa mindestens een Drëttel vun den Deputéierten dat verlaangt.

Art. 78. D'Chamber hëlt d'Petitiounen entgéint, déi hir an der Form, déi hiert Reglement virgesäit, adresséiert ginn.

Art. 79. D'Chamber autoriséiert, an de Formen, déi d'Gesetz festleet, d'Interventioun vun der Arméi an der Police ausserhalb vum Territoire vum Groussherzogtum Lëtzebuerg.

SEKTIOUN 5.

Iwwer de Statut vun Deputéierten

Art. 80. Keng Klo, weder zivilrechtlech nach strafrechtlech, ka géint en Deputéierten, wéinst de Meenungen an den Ofstëmmungen, déi hien am Ausübe vu senger Funktioun ofgëtt, agereecht ginn.

Art. 81. Mat Ausnam vun de Fäll, déi am Artikel 80 ernimmt sinn, kënnen d'Deputéiert strafrechtlech verfollegt ginn.

Ausser wann en op frëscher Dot ertappt gëtt, kann en Deputéierten nëmme festgeholl ginn, wann d'Chamber am Virfeld hiren Accord dozou ginn huet.

D'Autorisatioun vun der Chamber ass net néideg fir d'Vollstreckung vun de Strofen, d'Fräiheitsstrofen abegraff, déi géint en Deputéierte gesprach ginn.

Art. 82. Zousätzlech zu hire Reeskäschten, kréien d'Deputéiert eng Indemnitéit, där hire Montant a Konditiounen vum Gesetz festgeluecht ginn.

KAPITEL 5.

Iwwer d'Regierung

Art. 83. D'Regierung dirigéiert d'allgemeng Politik vum Staat.

Art. 84. D'Regierung besteet aus engem Premierminister, engem oder méi Vizepremierministere, Ministere, an, eventuell, engem oder méi Staatssekretären.

De Staatschef ernannt de Premierminister an déi aner Membere vun der Regierung a beendegt hir Funktiounen.

Ier si hir Funktioun untrieden, leeën d'Membere vun der Regierung folgenden Eed of:

„Ech schwieren, d'Verfassung an d'Gesetze ze respektéieren a meng Funktioun mat Integritéit, Exaktheit an Onparteicheit ze erfëllen.“

D'Funktioun vum Regierungsmember ass net vereinbar mat de Funktiounen als Deputéierten, Member vum Europaparlament, Member vum Staatsrot, Member vun engem Gemengerot, an och net mat all aner Amt a Funktioun am öffentliche Secteur oder beruflecher Aktivitéit.

Art. 85. D'Membere vun der Regierung üben hir Kompetenzen entweder zesummen oder eenzel aus an de Beräicher, fir déi si zoustänneg sinn.

De Premierminister koordinéiert d'Regierungsgeschäfte a waacht iwwer d'Erhale vun der Eenheet vun de Regierungshandlungen.

D'Regierung leet hir Organisatioun an hire Fonctionnement an engem interne Reglement fest, dat duerch e groussherzoglechen Arrêté approuvéiert gëtt, mat Ausnam vun de Beräicher, déi d'Verfassung dem Gesetz virbehält.

Art. 86. (1) De Premierminister engagéiert d'Veantwortung vun der neier Regierung, wann de Regierungsprogramm der Chamber presentéiert gëtt.

(2) No enger Deliberatioun vun der Regierung am Conseil, kann de Premierminister d'Regierung virun der Chamber verpflichten, wann e Gesetzesprojet oder eng Deklaratioun vun der Regierung gestëmmt gëtt.

(3) D'Chamber kann d'Regierung duerch e Mësstrauensvot verpflichten.

(4) Wann d'Chamber der Regierung hirt Vertraue refuséiert, presentéiert de Premierminister dem Staatschef der Regierung hir Demissioun.

(5) D'Regierung, déi demissionéiert huet, geréiert provisoresh weider d'allgemeng Politik.

Art. 87. (1) D'Regierung an hir Membere si virun der Chamber verantwortlech.

(2) D'Membere vun der Regierung si weder zivilrechtlech nach strafrechtlech verantwortlech fir d'Meenungen, déi si am Ausübe vun hirer Funktioun ausdrécken.

(3) D'Membere vun der Regierung si strafrechtlech verantwortlech fir hir Handlungen am Ausübe vun hirer Funktioun.

(4) Nëmme de Parquet kann eng Poursuite géint e Member vun der Regierung wéinst dësen Handlungen aleeden an dirigéieren, och nom Enn vu senger Funktioun. D'Gesetz leet fest, wéi ee Gericht kompetent ass a wéi eng Prozeduren applizéiert ginn.

(5) Ausser wann en op frëscher Dot ertappt gëtt, kann e Member vun der Regierung nëmme festgeholl ginn, wann d'Chamber am Virfeld hiren Accord dozou ginn huet. Dës Autorisatioun ass net néideg fir d'Vollstreckung vun de Strofen, d'Fräiheitsstrofen abegraff, déi géint e Member vun der Regierung gesprach ginn.



LSAP
D'SOZIALISTEN

„Kommt mir diskutéieren zesummen.“

www.lsap.lu



KAPITEL 6.

Iwwer de Staatsrot

Art. 88. De Staatsrot gëtt seng Avisen of zu de Gesetzesprojeten, de Gesetzespropositionen an den Ännerungen, déi dorunner kënnen proposéiert ginn. Wann hien der Meenung ass, dat e Gesetzesprojet oder eng Gesetzespropositioun Bestëmmungen enthält, déi net konform zu der Verfassung, zu internationalen Traitéen, vun deenen d'Groussherzogtum Lëtzebuerg eng Partei ass, zu juristeschen Akte vun der europäescher Unioun oder zu den allgemenge Rechtsprinzipien ass, dann erwähnt hien dat a sengem Avis.

Wann d'Chamber Artikel fir Artikel iwwer e Gesetzesprojet oder eng Gesetzespropositioun ofgestëmmt huet, ouni dat de Staatsrot säin Avis ofginn huet, kann d'Chamber iwwer d'komplett Gesetz ofstëmmen, wa si en Delai vu mindestens dräi Méint anhält, nodeems si de Staatsrot dovun informéiert huet.

Ausser an dréngende Fäll, déi an de Limitte vum Gesetz vum Staatschef appreciéiert ginn, gëtt de Staatsrot säin Avis iwwer Projete vu Reglementer of, déi fir d'Ausféierung vun de Gesetzer an den internationalen Traitéen a fir d'Applicatioun vun de juristeschen Akte vun der europäescher Unioun ugeholl ginn. Wann hien der Meenung ass, dat de Projet vum Reglement net konform zu de méi héije Rechtsnormen ass, dann erwähnt hien dat a sengem Avis.

D'Chamber an d'Regierung kënnen de Staatsrot fir all aner Froen no de Modalitéiten, déi d'Gesetz festleet, consultéieren.

Art. 89. D'Organisatioun vum Staatsrot an d'Aart a Weis, wéi hie seng Kompetenzen ausübt, gi vum Gesetz geregelt.

KAPITEL 7.

Iwwer d'Justiz

SEKTION 1.

Iwwer d'Organisatioun vun der Justiz

Art. 90. D'Justizgewalt gëtt vun de Geriichter ausgeübt, déi aus Riichter an aus dem Parquet bestinn.

Art. 91. D'uerdentlech Geriichter sinn allgemeng zoustänneg an alle Beräicher, mat Ausnam vun de Kompetenzen, déi d'Verfassung un aner Geriichter mat enger spezifescher Zoustännegkeet iwwerdréit.

Art. 92. D'administrativ Geriichter si fir administrativ a steierlech Streidegkeeten zoustänneg, an de Fäll an ënnert de Konditiounen, déi d'Gesetz festleet.

Art. 93. D'Gesetz regelt d'Organisatioun vun de Geriichter am Beräich vun der Sozialversécherung.

Art. 94. Den leweschte Geriichtshaff suergt dofir, dat d'uerdentlech Geriichter, d'administrativ Geriichter an déi aner Geriichter, déi d'Verfassung virgesäit, d'Recht respektéieren.

Art. 95. D'Gesetz regelt d'Organisatioun vun de Geriichter an d'Recoursen.

Art. 96. D'Geriichter applizéieren d'Gesetzer an d'Reglementer nëmme wa si konform zu de méi héije Rechtsnorme sinn.

D'Bestëmmunge vun engem Gesetz, dat duerch en Uerteel vum leweschte Geriichtshaff net konform zu der Verfassung oder den internationalen Traitéen deklaréiert gouf, verléieren hire juristeschen Effet den Dag no der Verëffentlechung vun dësem Uerteel an de Formen, déi d'Gesetz virschreift.

SEKTION 2.

Iwwer de Statut vun de Magistraten

Art. 97. (1) D'Riichtere sinn onofhängeg am Ausübe vun hire riichterleche Funktiounen.

(2) De Parquet übt d'ëffentlech Uklo aus a fuerdert d'Uwendung vum Gesetz. Hien ass onofhängeg am Ausübe vun dëse Funktiounen.

Art. 98. (1) D'Riichter an d'Membere vum Parquet gi vum Staatschef op Proposition vum Nationale Justizrot ernannt.

(2) D'Konditiounen vun der Ernennung an d'Prozedur gi vum Gesetz festgeluecht.

Art. 99. (1) De Statut vun de Riichter an a vun de Membere vum Parquet gëtt vum Gesetz festgeluecht.

(2) D'Riichtere kënnen net ofgesat ginn.

(3) D'Gesetz regelt d'Pensionéierung vun de Riichter an a vun de Membere vum Parquet aus Altersgrënn, wéinst gesondheetleche Problemer oder Onfäegkeet.

D'Sanktiounen vun der Suspensioun, vum Deplacement oder vun der Revocatioun mussen duerch e Geriichtsuerteel gesprach ginn. Déi aner disziplinaresch Sanktiounen an d'Recourse gi vum Gesetz festgeluecht.

Art. 100. Ier si hir Funktioun untrieden, leeën d'Riichter an d'Membere vum Parquet den Eed of, deen d'Gesetz virgesäit.

SEKTIOUN 3.

Iwwer den Nationale Justizrot

Art. 101. Den Nationale Justizrot mécht Propositionen fir d'Ernennung vu Riichter an a Membere vum Parquet.

Hien ënnersicht d'disziplinaresch Affairen, déi d'Riichter an d'Membere vum Parquet betreffen.

Hie ka Recommendationen am Interessi vun enger gudder Justizverwaltung maachen.

D'Gesetz leet d'Zesummstellung an de Fonctionnement vum Nationale Justizrot fest, an d'Ausübungsmodalitéite vu senger Kompetenzen.

SEKTIOUN 4.

Iwwer dem Rechtssujet seng Garantien

Art. 102. D'Verhandlungen virun de Geriichter sinn ëffentlech, ausser wann dës Ëffentlechkeet e Risiko fir d'Uerdnung oder d'Sitten duerstellt an d'Geriicht dëst an esou engem Fall an engem Uerteel deklaréiert.

Art. 103. All Uerteel ass begrënn. Et gëtt an enger ëffentlecher Verhandlung gesprach.

Art. 104. D'Gesetz garantéiert d'Onparteilechkeet vun de Riichter an, de fairen a loyale Charakter an de raisonnablen Delai vun de Prozeduren, de Respekt vun der béidsäiteger Unhéierung an d'Rechter vun der Defense.

Art. 105. D'Bestëmmungen vun der Verfassung si keen Hindernis fir d'Obligatiounen, déi aus dem Statut vum Internationale Strofergerichtshaff ervirginn.

KAPITEL 8.

Iwwer verschidde Bestëmmungen iwwer d'Staatsverwaltung

SEKTIOUN 1.

Iwwer d'allgemeng Verwaltungsregelen

Art. 106. All Gesetz, Reglementer oder allgemeng Verwaltungsarrêté sinn erëischt obligatoresch nodeems si an der Form, déi d'Gesetz festleet, verëffentlecht goufen.

Art. 107. D'Gesetz leet d'Konditiounen, d'Limitten an d'Modalitéite vun der Ëmsetzung vum Staat an den aneren ëffentlech-rechtliche juristesche Persounen hirer Verantwortung fest fir Schiet, déi si verursaacht hunn oder déi hir Mandatairen oder Agenten am Ausüben vun hire Funktiounen verursaacht hunn.

Art. 108. (1) De Staatschef ernannt a Konformitéit mam Gesetz op d'ëffentlech Ämter, et sief d'Gesetz gesäit dat anescht vir.

(2) Eng vum Staat bezuelte Salariésfunktioun kann nëmmen op Grund vun engem Gesetz geschaf ginn.

(3) De Statut vun de Staatsbeamten gëtt vum Gesetz festgeluecht.

Art. 109. D'Organisatioun an d'Kompetenzen vun Arméi a Police gi vum Gesetz geregelt.

SEKTIOUN 2

Iwwer d'Staatsfinanzen

Art. 110. (1) All staatlech Steuer, all Exemptioun oder Reduktioun vun de Steieren gi vum Gesetz festgeluecht.

(2) D'Steieren zu Gonschte vum Staat ginn all Joer gestëmmt. D'Gesetz, déi si festleeën, sinn nëmmen fir ee Joer gëlteg, wa si net erneiert ginn.

(3) Et dierf kee Privileg am Beräich vun de Steieren festgeluecht ginn.

(4) Ausser an de Fäll, déi formell vum Gesetz als Ausnahme

virgesi sinn, ka keng Bezuelung vun de Bierger oder vun den öffentlichen Aariichtungen als Steuer zu Gonschte vum Staat oder vun der Gemeng verlaangt ginn.

Art. 111. (1) All Prêt zu Laaschte vum Staat muss mat der Zoustëmmung vun der Chamber ofgeschloss ginn.

(2) All Verkaf vu Grondeegentum oder beweegleche Gidder, déi dem Staat gehéieren, muss duerch e speziell Gesetz autoriséiert ginn. En allgemengt Gesetz kann allerdéngs eng Limite festleeën, ënnert där eng speziell Autorisatioun vun der Chamber net néideg ass.

(3) All Kaf vu gréisserem Grondeegentum oder gréissere beweegleche Gidder duerch de Staat, all Duerchféierung zu Gonschte vum Staat vun engem groussen Infrastrukturprojet oder engem grouse Gebai an all grousst finanzielt Engagement vum Staat mussen duerch e speziell Gesetz autoriséiert ginn. En allgemengt Gesetz leet d'Limite fest, iwver deenen dës Autorisatioun néideg ass, d'Konditiounen an d'Modalitéite fir d'Virbereedungsarbechten ze finanzéieren.

(4) All Charge, déi de Staatsbudget während méi wéi engem Exercice belascht, muss duerch e speziell Gesetz festgeluecht ginn.

(5) All Pensioun, all Waardegeld an all Gratifikatioun zu Laaschte vum Staat gi vun engem Gesetz accordéiert.

Art. 112. All Joer hält d'Chamber d'Staatskonten duerch e Gesetz fest a stëmmt de Budget. All Recetten an Dépensé vum Staat mussen an de Budget an an d'Konfen agedroe ginn.

Art. 113. (1) E Rechnungshaff ass zoustänneg fir d'Kontroll vun der Finanzgestioun vun den Organer, Administratiounen a Servicer vum Staat; d'Gesetz kann him aner Kontrollmissiounen vun der Finanzgestioun vun den öffentliche Gelder uvertrauen.

(2) De Rechnungshaff ënnerbreet der Chamber seng Contestatiounen a Recommendatiounen, déi dem Staat seng allgemeng Rechnung betreffen.

(3) Dem Rechnungshaff seng Kompetenzen, seng Organisatioun, d'Modalitéite vu senger Kontroll an d'Relatiounen mat der Chamber gi vum Gesetz festgeluecht.

(4) D'Membere vum Rechnungshaff gi vum Staatschef, op Propositioun vun der Chamber, ernannt.

SEKTIOUN 3.

Iwver d'Relatiounen tëschent dem Staat an de Reliounsgemeinschaften

Art. 114. Op Grond vum Prinzip vun der Trennung tëschent Kierch a Staat, respektéiert de Staat d'Prinzipie vun der Neutralitéit an der Onparteilechkeet am reliésen an ideologesche Beräich.

D'Gesetz regelt d'Relatiounen tëschent dem Staat an de Reliounsgemeinschaften an hir Unerkennung.

An de Limiten a Formen, déi d'Gesetz festleet, kënnen Conventiounen, déi musse vun der Chamber approuvéiert ginn, d'Relatiounen tëschent dem Staat an den unerkannte Reliounsgemeinschaften präziséieren.

KAPITEL 9.

Iwver dem Staat seng öffentliche Aariichtungen an d'Beruffsorganer

Art. 115. (1) D'Gesetz kann öffentliche Aariichtungen schafen, déi d'Rechtsperséinlechkeet hunn an ënnert dem Staat senger Tutelle stinn.

(2) D'Gesetz ka Beruffschambere schafen, déi d'Rechtsperséinlechkeet hunn.

(3) D'Gesetz ka representativ Organer vun de fräie Beruffer schafen an hinnen d'Rechtsperséinlechkeet ginn.

Art. 116. (1) D'Gesetz leet den Objet, d'Organisatioun an d'Kompetenze vun den öffentlichen Aariichtungen, de

Beruffschambere an den Organer vun de fräie Beruffer fest, déi d'Rechtsperséinlechkeet hunn.

(2) An der Limite vun hirem Objet, kann d'Gesetz hinnen d'Kompetenz gi fir Reglementer unzehuelen.

An de Beräicher, déi d'Verfassung dem Gesetz virbehält, kënnen dës Reglementer nëmmen zu den Zwecker an an de Konditiounen, déi d'Gesetz präziséiert, ugeholl ginn.

Dës Reglementer musse konform zu de Gesetzer an zu de Reglementer sinn, déi an Applicatioun vum Artikel 47 ugeholl goufen.

KAPITEL 10.

Iwwer d'Gemengen

Art. 117. (1) D'Gemenge sinn autonom Kollektivitéiten, op territorialer Basis, déi d'Rechtsperséinlechkeet hunn an duerch hir Organer hir eegen Interessien an hiert eegent Verméige geréieren.

(2) D'Gesetz regelt d'Zesummesetzung, d'Organisatioun an d'Kompetenze vun der Gemeng hiren Organer.

Art. 118. (1) All Gemeng huet e Gemengerot, deen op Basis vum allgemenge Wahlrecht an duerch Geheimwahl gewielt gëtt.

(2) D'Gemeng gëtt dirigéiert a verwalt vun engem Schäfferot, deem seng Memberen an de Formen, déi d'Gesetz virgesäit, aus de Membere vum Gemengerot gewielt ginn.

Art. 119. (1) D'Steieren zu Gonschte vun de Gemenge gi vum Gesetz festgeluecht.

Am Respekt vu senge konstitutionellen a gesetzleche Kompetenzen, kann de Gemengerot d'Steieren an d'Taxe festleeën, déi néideg sinn, fir den Interessi vun der Gemeng ze realiséieren. D'Gemengesteieren an -taxe gi vun der Tutelle-Autoritéit approvéiert.

(2) De Gemengerot erstellt all Joer de Gemengebudget a schléisst d'Konten of.

(3) D'Gemengen hunn d'Recht op d'finanziell Ressourcen, fir d'Missiounen ze erfëllen, déi d'Gesetz hinnen uvertraut.

Art. 120. Ausser an dréngende Fäll, schafft de Gemengerot d'Gemengereglementer aus.

An de Beräicher, déi d'Verfassung dem Gesetz virbehält, kënnen d'Gemengereglementer nëmmen zu den Zwecker an an de Konditiounen, déi d'Gesetz festleet, ugeholl ginn.

D'Gemengereglementer musse konform zu de Gesetzer an zu de Reglementer sinn, déi an Applicatioun vum Artikel 47 ugeholl goufen.

Art. 121. (1) D'Redaktioun vun den Zivilstandsakten an d'Gestioun vun de Registere sinn exklusiv an de Kompetenze vun de Gemengenorganer, déi d'Gesetz festleet.

(2) D'Gesetz leet de Statut vun de Gemengebeamte fest.

Art. 122. All Gemeng kann, eleng oder mat anere Gemengen, ëffentlech Aariichtunge grënnen, an de Limitten an op d'Aart a Weis, déi vum Gesetz festgeluecht ginn.

Art. 123. D'Gesetz regelt d'Iwwerwaachung vun der Gemeengeverwaltung a leet eng limitéiert Lëscht vun Handlung vum de Gemengenorganer fest, déi vun der Tutelle-Autoritéit mussen approvéiert ginn.

De Regierungsrot kann de Gemengerot am Interessi vun der Verwaltung vun der Gemeng opléisen.

KAPITEL 11.

Iwwer d'Verfassungsrevisioun

Art. 124. Keng Bestëmmung vun der Verfassung kann opgehewe ginn.

Art. 125. All Revisioun vun der Verfassung muss an de selwechten Termë vun der Chamber an zwou successiven Ofstëmmungen ugeholl ginn, fëschent deenen en Intervalle vu mindestens dräi Méint läit.

Keng Revisioun gëtt ugeholl, wa si net mindestens zwee Drëttel vun de Stëmme vun den Deputéierte krit. De Vote per Vollmacht ass net erlaabt.

Et gëtt e Referendum iwwer den Text, deen an éischter Lecture vun der Chamber ugeholl gouf, ofgehale, deen der Chamber hiren zweete Vote ersetzt, wa bannent zwee Méint nom éischte Vote, dës Demande entweder vu méi wéi engem Véierel vun den Deputéierten oder vu fënnfanzwanzegtausend Wieler, déi vum Artikel 62 viséiert ginn, gemaach gëtt. D'Revisioun gëtt nëmmen ugeholl, wa si d'Majoritéit vun de gültig ausgedréckte Stëmme krit. D'Gesetz regelt d'Modalitéite vum Referendum.

KAPITEL 12.

Schlussbestimmungen

Art. 126. D'Bestëmmunge vum Artikel 53 si fir d'éischte Kéier op d'Nokomme vu Senger Kinneklecher Altesse Henri, Groussherzog vu Lëtzebuerg, Herzog vun Nassau, applicabel.

Art. 127. Ënner Virbehalt vun de Bestëmmunge vum Artikel 129, ass d'Verfassung vum 17. Oktober 1868, mat hire spéideren Ännerungen, opgehewen.

Art. 128. Dës Verfassung trëtt den XX XX XXXX a Kraaft, mat Ausnam vun de Bestëmmunge vun den Artikelen XX, déi dräi Joer dono a Kraaft frieden.

Art. 129. Während der Iwwergangsperiod vun dräi Joer, bleiwen d'Bestëmmunge vun den Artikelen XY vun der geänneter Verfassung vum 17. Oktober 1868 an d'Gesetzter a Reglementer, déi fir d'Ausféierung vun dese Bestëmmungen ugeholl goufen, applicabel.

Art. 130. Vun deem Dag un, op deem dës Verfassung a Kraaft trëtt, sinn all gesetzlech oder reglementaresch Bestëmmungen, déi hir widerspriechen, net méi applicabel.

Art. 131. All Autoritéite behalen hir Kompetenzen, an üben se aus, bis datt si gemäss der Verfassung geregelt ginn.



„Kommt mir diskutéieren zesummen.“

www.lsap.lu  



De Bureau vun der Parteiezekutiv vun der LSAP:
Christine Schweich (Generalcaissière), Yves Cruchten (Generalsekretär), Claude Haagen (President), Taina Bofferding (Vizepräsidentin), Georges Engel (Vizepräsident)
(vu lénks no riets)